
# den Domaine de Sommedieue bei Verdun



Den Samschden 7.Juli 2012 hat den Flyfishing Club aus Lëtzebuerg sech Rendez- vous gin zu Sommedieue bei Verdun fir zesummen mat der Méck ze fëschen. Et woren 15 Memberen ungetrueden fir een schéinen Dag ze erliewen. Nodeems mir eis am Virfeld mat Organisatiounsprobleemer geploot haten ewell dësen Site ëmmer gudd besicht ass an éng Reservatioun doduurch net ëmmer einfach ass, hat eisen Sekretäir , den Erny, awer säin Bescht gemeet fir Jidveréngem Satisfactioun ze gin, wat Him och geloongen wor an esou stuung éngem flotten Dag näischt méi am Weë. Ewei mir unkomm sin hun mir eis fir d´éischt eemol an der Lodge vum Domaine anfond fir bei énger gudder Taas Kaffi den Plang vum Dag opzestellen. Hei huet den Gérant vum Site, den Bruno, eis alt nees éng Kéier drop opmierksam gemeet dass verschidden Regelen bestin déi den Fëschbestand schounen sollen. Dëst ass mat Sécherheet ganz sënnvoll, mée ewell déi meeschten Memberen vun eisem Club schon zanter zéch Joëren hei fëschen misst den Bruno net ëmmer op een Neis dorunner erënneren. Dat gesot, hun mir eis séier an Montur gehäit an schon ass et las gaangen.










Zum Gléck haten mir et awer richtég gudd mam Wieder erwëscht, woren déi ganz Woch iwwer nach fatzég Reenschauëren op der Dagesuerdnung , sin mir awer bei eiser Sortie drechen iwwert d´Ronnen komm an am Laaf vum Dag huet d´Sonn sech gewissen an et wor och vun den Temperaturen hir richtég summerlech. Gefëscht hun mir esouwuel mat drechenen Mécken ewei och mat Nymphen. Eisen Präsident, den Jeek hat säin Bouw, den Pol, matbruecht, an esou koum et dass den Pol deenen aalen Huesen eemol gewissen huet ewou et laang geet, wat mir Him awer iwwerhaapt net fir iwwel gehol hun ewell mir méi ewei frouh sin dass mir och jonk Memberen an onseren Reihen zielen kënnen déi hoffentlech spéiderhin den Fändel vun eisem Club héich halen. Et huet een direckt gesin dass den Appel net wäit vum Stamm fällt ewell och an Saachen stëppelen an Nidderträechtegkeet steet Hien séngem Papp an näischt noh. Haten mir am Unfank nach ee bëssen Bedenken ewell net manner ewei 23 Fëscher hirt kommen ungekënnegt haten, ewoubäi dräi Unfänger sollten éng Anféierung kréien, esou huet sech dach séier gewisen dass d´Fëscher ënnereneen gudd mateneen auskomm sin.







Den Jeek hat och erëm säin perséinlechen Optrëtt ewei Hien een vun villen Hieschten erbléckt hat déi den Moment zu Sommedieue ze fannen sin an natirlech net wiederstoën konnt dësen mat éngem Streamer unzegehäien wat mat sech bruecht huet dass den Hiescht sech och net laang fléiwen geloos huet an esou sech dun éng schéin "Bagarre " ungekënnegt huet bei déier den Hiescht als Gewënner hervir gaangen ass andeems Hien sech am Kraut festgesat an esou den Kroop, deen natirlech keen Widdehacken hat, geléisst huet.






An ewei den Steven dun zum Iessen gelaut huet, hun mir och hei gewisen dass eisen Club et mat Jidveréngem ophuelen kann. Mir hun eis net fléiwen geloos an hun och erréicht den Dësch geraumt ewei mir sécher woren dass och wirklech näischt méi géif opgedëscht gin. Bis dohinner hat sech besonesch den Andy hervir gedun deen an deem Moos erangefeiert huet dass ech schon gefuart hat Hien géif den Weë bis bei d'Waasser net méi packen, mée wäit gefeelt ewell nom Iessen wor Hien iwwerhaapt net méi ze bremsen an huet schéin zougeschloën.










Esou ass alt erëm ee schéinen Fëscherdag zu Enn gaangen, een Dag mat vill Geseelegkeet énger gudder Komerodschaft an villen schéinen Impressiounen an énger nach méi schéiner Natur zu Sommedieue. Och d´Fësch woren um Rendez – vous an hun eis alles ofverlaangt. All Destinatiounen déi mir all Joërs op een Neis unsteieren hun hiren perséinlechen Charme an zeechnen sech duurch hir eenzegartegkeet aus an dofir frëen mir eis elo schon erëm op déi nächsten Sortie déi eis am August op Freux bei Libramont an der Belscht féiert an déi mat éngem Wuert ze beschreiwen ass....Grillade........!









